

De Guy Weirich – als Fraktiounsspriecher vun der CSV – zum Budget 2023

Ee ech zur eigentlecher Stellungnam zum Budget kommen, wëll ech 2 Saachen viraus schécken:

Dat 1 ass e Merci. Merci un d'Verwaltung, notamment un d'Sophie an den Alain, mä och un déi politesch Responsabel, déi un dësem Budget matgeschafft hunn. Si hunn eng wäertvoll Aarbecht geleescht a si hunn äis de Budget zimlech fréi zougestallt. Et hat een also méi Zäit, fir sech doranner ze verdéiwen, wat angesichts vun deem groussen aneren Dossier, deem och nach um Ordre du Jour vun dëser Sitzung haut stinn, e bësschen zäitlechen Drock a Stress vun de Conseillere ewechgeholl huet.

Dat 2.: De Budget kënnt mat senge sëllegen Tabellen an Zuelen ëmmer zimmlech sprock an dréchen dohir. En ass sécher net mat engem maträissende Roman ze vergläichen, deem ee gemittlech an der Fotell liest, an dach ass et eng immens spannend Geschicht, soubal ee sech do eraknéit.

Et erfaasst een,

- wat eng Gemeng ass a firwat si do ass,
- wéi si am Déngscht vun de Matbiergerinnen a Matbierger schafft a
- wéi si d'Liewen an d'Zesummeliewe vun deem soziale Gebilde vun enger Gemeng organiséiert a strukturéiert.

A wann een als Gemengepolitiker mol an d'Versuchung gerode soll, fir ze denken, wat Matmënschen engem esou iwwer de politeschen Engagement soen am Saz „Ech doe mir dat net un“, da kann d'Studium vum Budget engem weisen, wéi sënnvoll déi politesch Aarbecht wierklech ass.

Fir nu konkret de Budget vun 2023 ze beurteilen, wielen ech **zwou prinzipiell Approchen,**

- déi eng ass déi, wéiwäit de Budget op d'Erausfuерderunge vun eiser Zäit äntwert (A)
- déi aner ass déi vun eisen eegenen Iddien, dee mir als CSV fir Bartreng opgestallt haten an hunn (B).

A.

De Budget ass eng Äntwert op eng kommunal Situatioun, an zwar wéi d'Majoritéit déi Situatioun aschätzt a bewäert, ass awer och ofhängeg vun nationale Viraussetzungen an esouguer weltwäiten Entwécklungen, eben och vun deem onsägleche Krich an der Ukraine, op deem eis Madame Buergermeeschter an hirer Einleitung verweisen huet.

Ech fänke mol mat zwou ganz groussen **Erausfuерderungen** un:

- Klimaschutz, Naturschutz, Biodiversitéit (1)
- Liewensqualitéit fir **all** Mënschen, mat ënnere anerem Solidaritéit, Wunnengsbau, Bildung, Sécherheet a Rou, sënnvoll Fräizäitméiglechkeeten (2)

(1) Wat **d'ecologesch Erausfuерderungen** ugeet, hu mer äis als Gemeng déi Instrumenter an d'Hand ginn, déi zur Verfügung stinn, Klimapakt, Naturpakt, Sicona. D'Viraussetzungen si geschaf, et geet elo drëm, weiderhi Gas ze ginn. Wat hei leschtlech zielt, ass eng gewëss Schnellegkeet an Efficacitéit.

Am Kapitel Protection de l'environnement hu mer am Ordinaire eng 3,3 Mio virgesinn an am extraordinaire 4,9 Mio, also ronn 8,2 Mio. Dat ass schonn een impressionante Chiffer. Do geet et am Artikel 4/520 (S. 154ff.) ëm Entsuerung vum Offal, Recycling, Gestiou vum knaschtege Waasser, Basengen, Kanal a Kläranlag, Reewaasserkanal. Dat sinn alles ganz néideg Investitiounen, besonnesch och de **Projet an der rue de la Pétrusse an an der Dippecherstroos**, wou

bis 2024 (S. 160) 5,45 Mio als mesures anti-crues virgesi sinn. Mä, dee Projet ass jo laang a breet diskutéiert ginn.

- Ech ginn dervun aus, datt déi Risikoetudes iwwer plötzlech Iwwerschwemmungen (S.159) sech op d'Gebitt **Hetzelt** bezitt. Déi gëtt vu Schroeder an Associés gemaach. Ech wollt awer einfach mol nofroen, ob mer do net mol schonn Drohnen agesat hunn, wann et e bësschen oder méi laang gereent huet? Mat Drohnen kënn een haut sécher e besseren Iwwerbléck iwwer d'Situatioun kréien, wéi wann ee just vum Buedem aus Fotoe schéisst.

- Eens ware mer äis all, datt an deem Gebitt nëmmen ee gréissert natierlech Obfangbecken eppes bewierke kann. An dat ass ee Punkt, wou ee soe muss, et ass wierklech Zäit, datt mer do virukommen. Ob a wéiwäit do Verhandlung mat de Propriétaire lafe, weess ech net. Jiddefalls kann ech dem Schäfferot nëmmen wënschen, datt d'Argumenter fir dee Projet vun de Leit verstane ginn an datt déi Concernéiert esou eng Offer gemaach kréien, datt si net nëmmen aus purer Solidaritéit hiren Accord ginn. Obwuel hei natierlech Solidaritéit eng grouss Roll spillt.

- Informatiounen hätt ech da gär zum **Bassin d'orage rue Dicks** (S.160), wou elo mol frais d'études (S. 161) virgesi sinn. Wou genee soll deen hikommen?

- Fir äis ass kloer: De weideren Investissement an de Kanalreseau (490.000 Euro) am Ordinaire an insgesamt 4,25 Mio an déi ganz Gestéiung des eaux usées (Kanalisation, Bassins de rétention a soss Assainissement) si gutt ugeluechte Suen. Als CSV hu mir äis zënter **Joren fir Etudes an Erneierungen an dësem ganze Volet agesat**. An datt ech mer hei näischt aus de Fanger suckelen, zitieren ech ganz einfach eise Wahlprogramm vun 2017 ënner dem Punkt Kanalnetz: „Ausarbeiten eines Investitions- und Unterhaltsplans“ an „Erneuerung wichtiger Teile der Kanalisation zur Vermeidung von Überschwemmungen“.

- Bei den ecologeschen Erausfuerderungen sinn zoudeem d'Beméiungen a Saache **Solarenergie** ze begréissen. Ech denken do natierlech un de Solarpark Bartreng (S.152), **bedauern** awer nach mol, datt déi Suggestioun, déi vun CSV-Säit aus gemaach ginn ass, fir ee wierklech innovative Projet (mat Wëssenschaftler) ze starten, fir ze kucken, wéi een déi Energie späichere kann an da selwer notze kann, net zréckbehale ginn ass.

- An da kommen ech bei eisen neie **BHKW**, deen och ecologesch Implikatiounen huet. Déi 2,7 Mio fir 2023 loossen drop hindeiten, datt et mam Bau dovunner lass geet an datt bis 2024 do 4 Mio investéiert ginn. Well Noperen do rondrëm een ugeschwat hunn an hir Bedenke geäussert hunn an esouguer ee Moratoire proposéiert ginn ass, erlaben ech mer hei e bësschen op d'Komplexitéit vum politeschen Handelen anzegoen.

Wéi komplex politescht Handelen a wéi komplizéiert politesch Decisiounen si kënnen, léisst sech ganz gutt weisen un dësem Budgetspunkt 4/423, wou et eben ëm de Remplacement vun eiser centrale de cogénération actuelle geet.

Bei der Decisioun, déi mir – net ouni kritesch Umierkungen – matgedroen hunn, waren eng Rëtsch Consideratiounen ze beuechten a géinteneen ofzeweihen: ekologesch Froen, Finanzielles, Kaméidi, Héichwaassersuergen, Ästhetesches asw. Mir hunn äis bei dësem Projet schliisslech op Pellets an en eng Lagerung am Buedem festgeluegt, well Experten eis Bedenken méi oder wéiniger zerstreet hunn. Besonnesch hir klimaneutral Wäermt gouf ervirgehuewen. Elo leeft de Projet un an iwwerdeems gëtt ëmmer méi däitlech, datt Pellets an hirer ekologescher Gesamtbilanz och net esou ideal sinn. An eise Nopeschland huet d'Umweltbundesamt schonn d'Péis fir d'Pellets gelaut. Jiddefalls réit d'Umweltbundesamt (Februar 2022: FOCUS-online - [Freitag, 25.02.2022, 14:42](#). Das Umweltbundesamt will die Schadstoffe noch weiter reduzieren und rät daher nun von Pelletheizungen ab.) elo vu Pelletheizungen of. Kee Wonner, dat Leit rondrëm eise BHKW kritesch

Froen un äis riichten. Et gouf esouguer schonn fir e Moratoire plädéiert. Wier eng besser Alternativ an absehbarer Zäit ze erwaarden, géif ech haut fir ee Moratoire antrieden. Esou eng Alternativ ass awer kuerzfristeg net ze erwaarden an den zäitlechen a finanziellen Drock zwéngen äis derzou, dëse BHKW elo ze realiséieren.

(2) Zum Punkt **Liewensqualitéit fir all Mënsch.**

Eigentlech dëngt bal alles, wat am Budget steet, derzou, d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze garantéieren an ze verbesseren. All Invest an d'Infrastrukturen, déi bestehend an déi, déi ausgebaut ginn, all Invest a Projeten, fir déi Jonk oder déi méi Eeler, fir d'Schoul, SEA, Jugendhaus, Museksschoul, d'Veräiner, Fräizäitgestaltung, Sport a Kultur, all Subsidien, déi de Matbiergerinnen a Matbierger a viles méi am Budget ... suergt fir eng besser Liewensqualitéit. **D'Fro ass just, wéi gëtt de Kuch verdeelt.** Konkret: Wou ginn déi vill Suen, déi mer iwwer

- den Impôt communal commercial (S.6) an iwwer
- den FDGC (fonds de dotation globale communes) kréien, verdeelt.

Et geet hei fir 2023 ëm bal 34 Mio. Et ass d'Häerzstéck vum Budget, wéi de Marc Lang ëmmer richteg seet; doduerch gëtt de Fonctionnement vun der Gemeng garantéiert a weider Investitiounen gesécher.

Also: Wéi gëtt de Kuch verdeelt?

Ech hu mer mol déi 10 Syndikater an établissements publics ugekuckt: Do fléissen 3,87 Mio dran. Dovunner 42,68% (1,65 Mio) an Les Thermes an z.B. 3,96 % an den Office social (152.957,55 Euro). Dat eent ass een Invest an d'Fräizäit, de Sport, d'Gesondheet an an d'Schoul (Schwammunterrecht), dat anert fält an d'Kategorie Solidaritéit. Zur Solidaritéit gehéieren awer och aner Posten am Budget:

aides aux sinistrés (20.000),

aides aux nécessiteux (176.000),

aides aux personnes dans le besoin (21.000),

Hëllef fir de réemploi (61.000),

actions sociales (61.000),

verschidde Cotisatiounen fir sozial Organisatiounen an

eng Rëtsch Donen, déi am Laf vum Joer gemaach gi sinn. Ech hu sécher nach dat eent oder dat anert iwwersinn, duerfir setzen ech dann nach iwwer 100.000 Euro derbäi a kommen dann op eng ½ Mio, déi een direkt ënner d'Stéchwuert Solidaritéit buche kann. Vlächtt muss een hei nach soss Zomme berücksichtegen.

Egal wéi, et huet een den Androck, datt mer beim Stéchwuert Solidaritéit nach Sputt no uewen hunn, ech hunn déi Rechnung hei opgestallt, nodeems gemengt gi war, mir hätten, wat d'Hëllef fir d'Ukraine ugeet, zwar schonn eppes gemaach a gehollef, mä vu déi fuerchtbar Situatioun, kënnst een nach eng Schëpp noléien.

Ech weess, datt ech hei ënnert dem Stéchwuert Solidaritéit Aspekter vum Budgetpunkt Protection sociale erausgepickt hunn. Ech mengen awer, datt een esou eng Ennergrupp Solidaritéit opstelle kann. Fir mech ass jiddefalls dach e klengen Ënnerscheed ze maachen tëscht dëser Solidaritéit engersäits an enger SEA an engem Club Am Schloss anersäits, ouni datt den Invest an déi lescht Genannte Strukturen och nëmmen usazweis a Fro gestallt géif ginn.

Liewensqualitéit fir **all** Mënsch a Solidaritéit sinn awer och gutt Stéchwierder, wann et ëm d'**Wunnengsproblematik** hei zu Lëtzebuerg geet.

D'Bartrenger Gemeng huet an der Vergaangenheet do 2 gréisser Projete realiséiert. Et sinn weider Projeten ugeduecht, een dovunner, den am Wénkel, steet an dësem Budget dran. D'Marie-France wäert a sengeré Interventioun ganz konkret op de Logement à prix réduit zrëckkommen. Ech wollt just nach mol betounen, datt de Pacte Logemenent 2.0 fir äis zum richtege Moment ënnerschriwwe ginn ass.

Liewensqualitéit garantéieren - dat erfuerdert munchmol och einfach **Krisemanagement**. Da wann nämlech Leit hir Liewensqualitéit beanträchtegt gesinn z.B.

– duerch Kaméidi op enger Spillplatz

- duerch Gefill vun Onsécherheet (well Chauffeure sech a Quartieren net un d'Vitesselimitatiounen halen oder well d'Situatioun bei der Barrière berechtigt Ängschten ervirriift)

Ech ginn net weider op dës Punkten an, mir hunn se schonn diskutéiert a wäerten haut – laut Ordre du Jour - op de Punkt vun der Barrière zrëckkommen.

De Marc huet d'Approche bei der Opstellung vum Budget als eng **vorsichtig Politik** beschriwwen.

Dat ass eng Approche, déi mir ganz gärén deelen. Déi ech iwwregens doheem och uwenden: Et gi bei den **Einnahmen** nëmmen déi Zommen agesat, déi ganz sécher sinn (also nëmmen déi wierklech zougesote Subside bei de recettes extraordinaires an déi normal Recettë ginn, par rapport zum Joer virdrun, net ze héich ugesat), an zougläich setze mer déi viraussichtlech **Dépenses** e Stéck méi héich, für alle Fäll a besonnesch fir de Fall, wann et béis Iwwerraschunge gi soll. Wann dann um Enn vum Joer, d'Recette méi héich sinn an de worst Case bei den Depensen net erreecht gëtt, da hunn ech e méi héije Boni, wéi ech mer erwaart hunn. Marc, hat ech dech do richteg verstanen?

De Budget rectifié vun 2022 léisst dee Schluss jiddefalls och zou. Gerechent gouf fir 2022 mat engem Boni vun 2,4 Mio, elo um Enn vun 2022 leie mer bei 15,7 Mio.

Setze mer dës Zuel a Verbindung mat eiser Schold, déi sech Enn 2022 op 5,8 Mio beleeft. Da kann ee soen, mir sti gutt do.

Pro Awunner hu mer eng Schold vun ongeféier 670 Euro.

Enn 2023 wäert déi viraussichtlech Schold sech nach op 4,6 Mio belafen.

Bei dësen Zuelen kann een dann och ganz zouversiichtlech dee ganz grouss Projéit A Schwallen ugoen – quitt datt ee vläicht erëm eng Kéier e Prêt ophuele muss.

E virsichteg Budget: Jo!

Eng gesond Finanzlag: Jo!

Dat erkenne mer gär un, jo mir erwaarden dat eigentlech, et ass fir äis grad esou wéi fir Iech e Must.

De Gesamtandrock beim Budget, wéi e virläit, ass dësen: et ass e Budget **ouni grouss Iwwerraschungen**. Déi ganz konkret grouss Projéiten si bekannt, si mussen elo engersäits fäerdeg gestallt, anerersäits an Ugrëff geholl ginn.

Duerch Corona an d'wirtschaftlech Suite vum Krich an der Ukraine si Retarden entstanen, dat ass schued, mä dofir kann een net.

Et ass einfach schued, well mer z.B. eng gutt Infrastruktur fir eis SEA dringend brauchen. Mä, De Chantier matten am Zentrum ass fir jidderee siichtbar, et kann ee verfollegen, wéi de Projéit lues a lues dach ëmgesat gëtt. An et kann een de Käschtepunkt rouege an Erënnerung ruffen: fir 2023 - 7,5 Mio an insgesamt 17,5 Mio.

Eng Klammer zur SEA: Bei de Recette ordinaire hätt ech eng Fro S.9 2/242, do stinn 610.000 Euro, déi den Eltere facturéiert gi sollen. Déi Zomm ass méi héich wéi 2022. Elo ass jo awer säit der Rentrée den Accueil an der SEA während de Schoulzäite gratis. Misst deementspreechend déi Zomm net erofgoen, resp, wat bleift dann nach alles vun den Elteren ze bezuehen, datt mer do mat 610.000 Euro Einnahme rechnen.

An een Ongléck kënn seelen eleng: Déi fuerchtbar Iwwerschwemmung vum 15. Juli 2021 huet Reparaturaarbechten bedéngt, an och eng zimmlech finanziell Katastroph fir de Gemengebudget zur

Folleg gehat, Suen, déi natierlech soss besser hätte kënnen agesat ginn. Nach mol iwwer 2 Mio fir 23, da si mer schonn op 4,2 Mio, eleng fir d'Sportshall am Centre Atert. An da pake mer, wéi haut gär gesot gëtt, Holz un an hoffen, datt eis Experten déi richteg Measure fonnt hunn, fir an Zukunft esou ee Schued ze verhënneren.

Munches brauch seng Zäit, a munchmol verléieren d'Leit d'Gedold:

Duerzou just ze 2 kleng Beispiller:

Dat éischt Beispill bezitt sech op d'Schoul: Niewent den Tabletten, iwwer déi mer scho geschwat haten, ass mer zousätzlech zougedroe ginn, datt et am Beiestack kee **WLAN** gëtt an datt d'Léierpersonal grad just déi Vernetzung do wënscht. Ech war schonn iwwerrascht, well e WLAN haut eigentlech fir selbstverständlech hält a wollt duerfir hei froen, ob dat just am Beiestack de Fall ass oder och an deenen anere Gebaier.

Dat zweet Beispill: Fir de **Réaménagement vum Croisement** rue de la Forêt / route de Longwy goufe schonn 2017 Etudë gemaach, dunn ass dee Punkt op 2019 reportéiert ginn an elo fannen ech op der Säit 167 beim Posten 4/624 just nach 3 Nullen a liesen déi lakonesch Feststellungen „devis en attente“ a „Projet reporté“. Bei dësem Projet ass d'Gemeng jo net eleng am Coup. Mä dir kënnt heizou vläicht eng **zousätzlech Informatioun zu dësem Budgetsposte** liwweren, ëmmerhin ass dat dach e Croisement, an de Paul hätt dat sécher kënne bestätegen, wann en haut hätt kënnen hei sinn, wou e Reaménagement sécher net vu Mutwëll ass.

All dat ass jo och e Stéck Liewensqualitéit: e Stéchwuert, dat ech nach just eng Kéier gebrauché wëll:

Liewensqualitéit garantéieren – dat kann och bedeuten, Iddie vu Leit opgräifen:

Als Beispill wëll ech nach mol op de Wonsch vu Leit, déi zu Helfent wunnen, zrëckkommen an déi sech een normale Multisportterrain (esou wéi hei nieft dem Centre Atert, een Terrain ouni Sand) am

Parc Helfent wënschen. Ech mengen, eis finanziell Situatioun géif et erlaben, deenen Leit dee Wonsch fir hir Kanner an all déi aner Kanner zu Helfent ze erfëllen.

Ee weidere Punkt am Budget läit mer, wéi kënnt et anescht sinn, ganz uewen. Et geet ëm d'ArcA.

Bei den Dépenses ordinaires 3/836 wëll ech e puer Saachen eraussträichen. Ech begrëssen déi geplangte Renovatioun, wouduerch de Concertssall an neiem Glanz opstrale wäert a fir de Public nach méi attraktiv si wäert. Och déi lafend Investissementer an d'Technik wäert, esou hoffen ech, net nëmmen de Kënschtlergruppen, déi do optrieden, mä och de Bartrenger Veräiner, déi Manifestatiounen do hunn, zegutt kommen. Et ass ze hoffen, dass dës Renovatioun termingerecht fäerdeg gëtt, well d'Bartrenger Musek fir den 18. Mäerz e Concert an der ArcA ofhale wëllen.

D'Madame Buergermeeschter huet um Ufank haut d'Verdéngschter vun der DP ervirgehuewen. Dann erlaben ech mer awer och, drop hinzewiesen, dass d'CSV net am Abseits stoung a steet. Do wou mir Responsabilitéit iwwerholl hunn, ArcA a Museksschoul, ass och villes geschitt.

Zënter der Rentrée am Hierscht, wou Corona manner schlëmm zouschléit, ass de Public, erëm a méi grousser Zuel present. Dee variatiounsräiche Programm elo am Hierscht konnt sech weise loosse an et war wierklech vill lass an der ArcA: Musek a Kabaret hunn d'Leit staark ugezogen. De Filmowend, dee mer zesumme mat der Filmfederatioun organiséiert haten, ass immens gutt beim Public ukomm.

Ganz gutt kommen och déi Veranstaltungen un, déi fir Kanner geduecht sinn. Do hunn ech net nëmme vill Bartrenger Leit gesinn, mä och Elteren, déi vu vill méi wäit hir op Bartreng komm waren. Deen een oder anere vun Iech huet vläicht am Wort vum leschte Mëttwoch 7. Dezember eng duebel Säit, e risegen Interview, gesinn, iwwer d'Optrëtter vum Kapitän Müllebutz a senge Séisswaassermatrousen. Si sinn am Januar a Februar 23 zu Esch, Iechternach, Ettelbréck an de groussen Häiser. Ech kann Iech soen, mir haten de Kapitän Müllebutz a seng Leit schonn am Oktober hei zu Bartreng an d'Haus war voll an d'Begeeschterung bei Grouss a Kleng riiseg.

Bei zwee Concerten hätt ech mer, vum kënschtlerechen Niveau, der Qualitéit vun der Musek, nach e bëssche méi Zuschauer gewënscht. Mä, ech mengen, zu bestëmmte Momenter weist sech, dass mer net ëmmer dobaussen, trotz staarker Verbesserung, nach net ëmmer déi Sichtbarkeet hunn, déi néideg wier.

Ech sinn duerfir frou, dass elo an eise Servicer un engem ëmfaassende Konzept fir Kommunikatioun a Publizitéit geschafft gëtt an et ass mäin Wonsch, dass do och d'Manifestatiounen an der ArcA gebührend berücksichtegt ginn.

An deem Sënn erwaarden ech mer och munches vun där Persoun, déi mer op dee Posten setzen, dee mer haut beim Punkt 4 nei definéiert hunn. Ech hunn et scho gesot an ech soen et nach mol, et ass net vu Mutwëll, wann an de Service culturel eng weider Persoun erakënnt. Mä déi soll sech wierklech dann op hir primär Aufgab konzentréiere kënnen an, net dass si nach mat zousätzlechen Aarbechten zougedeckt ginn.

Mir hunn iwwerens een 1. Kontakt geknëppt mat der neier Directrice vum Marnecher Cube. Déi war hei an der ArcA an huet sech duerchaus interesséiert gewisen un enger Zesummenaarbecht. Dat sollt am neie Joer méi konkret an d'Weeër geleet ginn.

Fir d'ArcA weider ze promovéieren hu mer äis mam Orchester Luxembourg Chamber Players ënner der Leedung vum Thomas Raoult zesummegeet. Dësen Orchester ass virun 2 Joer gegrënnt ginn a setzt sech zesummen aus Musiker vum OPL (Orchestre Philharmonique de Luxembourg). Si schloen hei an der ArcA hir Residenz op a bidden 3 x Joer ee Concert. Dovunner erhoffe mer is, dass d'ArcA nach méi bekannt gëtt, weider un Attraktivitéit gewënnt a Museksfrënn fideliséiert..

Wat de **Festival vun de Jonken Talenter, de Bayota**, ugeet, erënneren ech drun, dass dat eng Iddi vun äis war. Well d'Majoritéit mir Verantwortung an der Kultur an domat Zesummenaarbecht ugebueden huet, wollt ech eppes erëm ginn an hu mengersäits der Jugendkommissioun eng Zesummenaarbecht ugebueden. An déi Kooperatioun fonctionéiert ganz gutt. Ech kann dann och

elo scho soen: D'Jugendkommissioun an d'ArcA-Kommissioun hunn de gréissten Deel vum Programm fir de Bayota stoen a verbannen Bewährtes mat Innovatioun.

An dann nach e Wuert zur **Museksschoul**: De Commissaire du Gouvernement à l'enseignement musical huet gëschter an enger regionaler Versammlung vun der UGDA matgedeelt, datt si am Unterrichtsministère ganz frou sinn, datt méi Jonker iwwer d'Musekschoul mat Musek, Gesank, Danz an Theater a Kontakt kommen an datt och dee Ministère den Ausbau resp den Neibau vu Museksschoulen mat 25% subventionéiert. Dat ass net onwichtig ze wëssen, wa mir äis Gedanke maachen iwwer d'Gebeilechkeet vun eiser Museksschoul.

Dat weist: Och mir hunn an dëser Legilaturperiod vill geschafft an deem Beräich, wou mir zoustänneg sinn. Mir hunn nei Impulser ginn, wat d'Coursen an der Museksschoul ugeet. Den Theater huet e grouse Succès. A mir hunn ech zum Deel dem Programm an der ArcA eng nei Ausrichtung ginn.

B.

Als CSV fanne mir äis a villem an dësem Budget erëm, grad esou wéi an de Budgeten virdrun. Villes deckt sech mat deem, wat mir an eisem Walprogramm stoen haten. Wéi ech elo nach mol alles nogelies hunn a mat deem vergläichen, wat esou an de leschte Joren realiséiert oder geplangt an an Ugrëff geholl ginn ass, da kënnt een den Androck kréien, dir hätt Iech deelweis un eisem Programm inspiréiert oder ëmgedrëit, et gesäit bal esou aus, wéi wa mir als CSV e Virschlag fir e Koalitiounsprogramm presentéiert hätten. Mä Spaass bei Säit, géif de Fränk soen:

Et ass och kloer, datt et **Punkte** gëtt, **déi fir äis wichtig sinn, nach ëmmer op eng Léisung waarden** an datt mir duerfir bei vill wohlwollender Zoustëmmung, awer der Majoritéit net total zoustëmme kënnen. Just e puer Beispiller:

- mir vermessen ëmmer nach méi Sécherheet op der verkéiersdichter Stréck durch de Bësch op Leideleng

- de soziale Wunnengsbau huet stagnéiert a mir kënne frou sinn, datt d'Oeuvres paroissiales an anerer Onbekannter do e schéine Match fir Bartreng maachen.

- a Saachen Duerfhaus hu mir nach wie vor aner Virstellungen

- An eise Bëscher hätte mir gär gesinn, wann do méi attraktiv an innovativ Infrastrukture geschafte gi wären.

Natierlech hu mir an der Oppositoun net d'Méiglechkeet, dat ëmzesetzen. An dach ass Oppositounsarbecht net onnëtz. Just zwee Beispiller:

- Schon 2011 hu mer e Ruffbus gefrot, elo ass en do an en huet Succès.

- Sait 2012 hu mir driwwer geschriwwen, datt eppes mat der Maison de soins misst passéieren.

Nach 2016 krut ech aus de Reie vun der Majoritéit gesot, do wier keen Handlungsbedarf. Elo endlech ass dee Projet op d'Schinne gesat.

Vu menger Sait als Fraktiounsspriecher aus geet dat elo duer.

D'Marie-France an d'Nadine wäerten mat enger ganzer Rei konkrete Froen a weideren Iwwerleeungen d'Positioun vun der CSV zu deem Budget verdäitlechen.